# „Well et eis **fir Esch** wichteg ass“




Präsentatioun vum Budget 2025
an dem Budget rectifié 2024
vum Buergermeeschter Christian Weis

Esch/Uelzecht, 2. Dezember 2024

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Escher Gemengerot,

Et freet mech Iech haut, no ville Stonne Präparatioun, d'Budget-Propose, fir d'Joer 2025 ze präsentéieren. Eng Budget-Propose déi op zwee Pilieren opgebaut ass:

- enger Analyse vun der aktueller Situatioun vun der Stad Esch, déi esouwuel de Méiglechkeete vun eiser Administratioun ewéi de Besoinen an de Wënsch vun den Escherinnen an Escher soll Rechnung droen;
- an engem ambitionéierte politesche Programm, mat Ziler, Iddien an Iwwerleeungen déi eng Majoritéit vun de Conseillèren a Conseillere matdroen an déi ageschriwwe sinn am Koalitiounsaccord, deen de 26. Juni 2023 hei an dësem Sall ënnerschriwwe gouf an sech an der Formulatioun „Nohalteg liewen, solidaresch handelen: fir e liewenswäert Stad" resüméiert.

Léif Alleguerten,

D'Entwécklung vun der finanzieller Situatioun vun der Stad Esch, schreift sech an en nationalen, an en europäeschen an an e globale Kontext an.

Verschidden international Krise, déi e groussen Effet bis op eis Gemengefinanzen haten, sinn entretemps iwwerwonnen oder ofgeschwächt. Aner international Krisen, déi en Impakt op eis finanziell Situatioun haten an hunn, daueren un. Weider international Krisen sinn dobäi komm.




Mat Bléck op verschidde Walresultater am wäiten Ausland, mee och am noen Ausland, muss een net nëmme fäerten, dass déi international Solidaritéit ofhëlt. Et muss een sech carrement drop astellen, dass den internationale Wirtschaftsmodell sech réckwäerts orientéiere wäert.

An eng Kontroll iwwer déi gréisste Krise iwwerhaapt; déi Krise wou keen

Echec hinnehmbar ass, wa mär de nächste Generatiounen iwwerhaapt eng Méiglechkeet op anstänneg Liewenskonditioune wëllen erhalen; schéngt vu Klimakonferenz zu Klimakonferenz ëmmer manner erreechbar.

D'Aufgab vun der Stad Esch ass et beschtméiglech dës Krisen um vläicht kléngsten an intiimsten Liewensniveau vun de Mënschen, nämlech an hirem Alldag, ofzefiederen.

D'Aufgab vun der Stad Esch ass et beschtméiglech mat de Moyen'en déi eng lokal Entitéit huet, verschiddene Krisen entgéint ze wierken an sech op eventuell Krisen fir ze bereeden.

D'Aufgab vun der Stad Esch ass et trotz de Krise beschtméiglechst déi Recetten a Ressourcen déi hir gi sinn am Sënn vun enger positiver Entwécklung vum Liewensraum Stad ze notzen; a gläichzäiteg responsabel a mat Bléck op zukünfteg Erausfuerderungen d'Recetten an d'Ressourcen déi hir gi sinn ze verwalten.

Trotz dësem Ëmfeld vun de Krisen, erhëlt sech d'Konjunktur vun de leschte schwéiere Joren. Wann d'Entwécklung vum PIB an der Euro-Zone d'Tendenz hat dat ganzt Joer 2023 iwwer ze stagnéieren, esou weisen d'Zuele vum éichten a zweeten Trimester 2024 eng liicht Croissance.

Eng favorabel Evolutioun ass och an de Chifferen a Previsioune vum Statec an dem Finanzministère ze erkennen.

Nodeems de Lëtzebuerger PIB-Wäert e Réckgang vun -1,1% am Joer 2023 erlieft huet; huet en am Joer 2024 eng positiv Entwécklung vun 1,5% kannt. Fir d'Joer 2025 gëtt sech esouguer eng weider Croissance vun 2,7% erwaart.

Dës Entwécklung huet e positiven Effet op d'Steier-Recettë vum Staat déi eleng an den éischten 9 Méint vun dësem Joer eng Erhéijung vu 14,1% par rapport zum Virjoer, op iwwer 21 Milliarden Euro, kannt hunn. Besonnesch staark sinn d'Recettë vun der Kierperschaftssteier, déi vun de Societéite bezuelt ginn, geklommen: e plus vun 42% op 2,4 Milliarden Euro.

Eng Augmentatioun bei de nationale Steier-Recettë kënnt de Gemengen erëm ze gutt. 9,7% vun de Depense vum Staatsbudget 2025 goufen dem Ministère des Affaires intérieures zougestaanen. 69,3% heivunner ginn direkt un d'Gemenge weider.

De Fonds de dotation globale des communes, welchen d'Source vun der Haapt-Recette vun de Gemengen duerstellt, erlieft am Verglach vun de Staats-Konten 2023, eng Croissance vun 13% fir de nationale Budget rectifié 2024 an eng Croissance vu 17% fir de nationale Budget initial 2025. A kompletten Zuele sinn dat fir 2024, 346.- mio Euro méi a fir 2025 465.- mio Euro méi ewéi nach 2023.

An och d'Recettë vum Impôt commercial communal, déi de Staat afreet an duerno op d'Gemenge verdeelt verzeechnen eng Hausse par rapport zu de Virjoren.

Wat dat a geneeën Zuele fir eis Escher Budgeten ausmécht wäert ech an e puer Momenter duerleeë wann ech an den Detail heivunner ginn.

Fir bei der finanzieller Ënnerstëtzung fir d'Gemenge vum Staat ze bleiwen, wéilt ech awer och d'Evolutioun vum Duktus vum Staat géintiwwer de Gemengen, a notamment vum Duktus vum Inneminister, beschreiwen.

Et war déi fréier Inneministesch Bofferding déi iwwer Joren d'Gemengen opgefuerdert huet mat bedeitend manner Recetten eng Investitiounspolitik mat bedeitend méi Ausgaben ze féieren. Et sinn déi fréier Buergermeeschteren an haiteg Ministere Gloden a Roth déi de Gemenge méi Recetten zougestinn, weider Gesetzer fir besser Gemengefinanzen op de Wee bréngen an sech dem Dialog fir Upassunge bei de Subside fir eenzel Gemenge-Projeten net verschléissen.

Esou denken ech zum Beispill un d'Reform vum Finanzement vum CGDIS, wou d'Käschten déi op d'Gemenge gedréckt goufen em 69,5% erofginn; respektiv un den, zesumme mam Syvicol, gegrënnten Aarbechtsgrupp deen eng Evaluatioun vun den Hëllefen am Kapital fir de Bau vun ëffentleche Gebaier an notamment vu Schoulen, soll virhuelen. Den Inneministère gëtt erëm zu engem Partner vun de Gemengen.

Gläichzäiteg bleift den Inneminister awer och virsichteg bei senge Recommandatioune géintiwwer zum Invest, wann en erënnert, dass Previsiounen ëmmer nëmme Previsioune sinn an oprifft net mat ze villen oder mat falschen Investissementer déi zukünfteg Handlungsfäegkeete vun de Gemengen ze hypothekéieren.

Dës Recommandatioun gëllt et sech och zu Esch zu Häerz ze huelen.

Eng Analyse vun der Evolutioun vu finanzieller Situatioun vun der Stad Esch weist, dass nach ni esouvill an dës Stad an an d'Liewenskonditioune vun Escherinnen an Escher investéiert gouf, ewéi an de leschte 5 Joer.

Dat esouwuel am ordinäre Budget, welchen den dagdeegleche Service un de Biergerinnen a Bierger zesummefaasst; ewéi och am extraordinäre Budget wou et gläichzäiteg en iwwer jorzéngten ugesammelte Retard am Invest an d'Infrastrukturen opzefänke gëllt an eng positiv Entwécklung an de verschiddenste Beräicher mat neie Projeten ze gestallte gëllt.

D'Recettë fir des Entwécklung vun der Stad, ewéi déi vun der Administratioun ugebuedene Servicer, huet awer net déi selwecht Tangente kannt. D'Detailer an d'Zuelen heizou hunn ech virun engem Joer an der Präsentatioun vum Budget 2024 ginn, esou dass ech Dës Haut net widderhuele.

Fait ass, dass fir d' Joer 2023 en Emprunt vu 60 Milliounen Euro gezunn huet misste ginn. De leschten am Gemengerot präsentéierte Plan pluriannuell de financement huet erginn, dass ënner verschiddene Viraussetzungen eng systematesch Weiderverscholdung vun der Stad Esch eventuell néideg wär.

Eicht Akzenter fir dëser Situatioun entgéint ze wierke goufe mam Budget 2024 gesat. Eng Upassung vu verschiddene Projeten un d'Finanzsituatioun an e reegelméissege Suivi vun dëser mat enger systematescher Consultatioun vun eisem Kontestand, hunn éischt Friichten gedroen.

Eiser Finanzsituatioun koume méi Recetten ewéi ageplangt zegutt. Verschidde Projete konnten zousätzlech aus ënnerschiddleche Grënn, déi oft net bei eis loungen, esou ewéi geplangt, realiséiert ginn.

Esou kann ech Haut an hei confirméieren: déi an de Budget initial 2024 ageschriwwe 97,5.- mio Euro Emprunt, wäerten net méi gezu ginn. An an e puer Momenter wäert ech präsentéieren, dass och am Budget 2025 de Montant vun engem eventuellen Emprunt wäert erof goen, an trotz bedeitenden Investitiounen.

Dat ass d'Resultat vun engem stännegen, responsabelen Ëmgang vun eise finanzielle Ressourcen. Dofir erlaabt mär, en Element vu menger Ried zu der Budget-Präsentatioun 2024 vu virun engem Joer mat liichten Nuancen nach eng Kéier ze formuléieren.

En Extrait deen eis Verständnis vum Budget nach eemol zesumme faasst:

De Budget definéiert den Terrain op deem mär eis als Gemeng beweegen. E gëtt esouguer e Wee mat Etappe fir. Vläicht net onbedéngt deen einfachsten a Panorama-hafste Wee, deen een sech ka wënschen, an awer dee Wee dee mär 2025 tröppele wëlle. De Budget kann an der aktueller Situatioun awer net d'Vitesse fir déi verschidden Etappen, net déi eventuell néideg Deviatiounen, net déi eventuell extern Facteuren déi de Wee erschwéieren oder vereinfache kéinten, virausgesinn.

An dëser Iwwerleeung wëll ech och betounen, dass dëse Wee dee mär mat den Escherinnen an Escher fir hir Stad wëlle goen, net mam Dag vum 31ten Dezember 2025 op en Enn geet. De Wee geet iwwer de Budget 2025 eraus; iwwer de Pluriannuell 2025-2027 eraus; jo esouguer och iwwer déi nächst Wal-Echeance 2029 eraus.

An de nächste Jore wäerte mär hei op dëser Plaz notamment bedeitend Infrastruktur-Projeten decidéieren, déi eng grouss finanziell Envergure wäerten hunn. Ech brauch just déi mat Erausfuerderunge verbonnen Erwaardunge ze formuléieren, déi mär mat der Entwécklung vun der Metzeschmelz verbannen. Wou nieft de Schoulen a Maison Relaisen och weider Demanden a Besoinen an eise Programm mat agefloss sinn: zum Beispill e Centre Culturel oder e Sportzenter mat enger grousser Schwämm, fir just dës ze nennen. An dann ass d'Metzeschmelz just eng Friche vu weideren déi ze entwéckele bleift, nieft de Projeten déi am bestoenden Esch ze realiséiere sinn.



Ech denken awer och un d'Evolutioun vun eise Gemengeservicer, esouwuel am Sënn vun der Aktivitéit ewéi am Sënn vum Personal, déi mam Wuesse vun der Stad Esch a mam Uwuesse vun der Awunnerzuel verbonnen ass.

Nieft engem responsabelen Ëmgang mat eise Finanzen an engem strengen Aen op d'Zuelen, musse mär och eis Recette upassen.

Fir dëse responsabelen Ëmgang an de méi strenge Bléck op d'Zuelen ze garantéieren, muss d'Politik dem Departement des Finances queesch duerch d'Servicer, méi Personal zougestoen. Effektiv ginn déi finanziell Ofleef net méi einfach; effektiv kann d'Ufroen an de Suivi vu Subsiden a Subventiounen déi mär als Stad fir Projeten ze gutt hu komplizéiert an zäitopwenneg sinn; effektiv kann et bei engem Budget vun eiser Envergure ëmmer erëm zu Doublon'e kommen; asouweider.

Wann all d'Servicer wuessen, d'Budgeten an d'Kontenbeweegunge méi ginn, dann ass et nëmme logesch, dass dat finanztechnescht Personal matwiisst.

Gläichzäiteg muss dëst Personal och den Zougang zu allen néidegen Informatioune beschtméiglechst gestallt kréien an en Traitement vun dësen Informatioune vereinfacht ginn.

An dëser Iwwerleeung goufen zwou Neierungen dëst Joer ëmgesat un deenen et elo ze feile gëllt. Op der enger Säit gouf eng éischt Versioun vu finanzielle Projets-Fichen agefouert, op deenen déi Responsabel vun deene verschiddene Servicer all wäertvoll Informatiounen iwwer nei extraordinär Projeten agedroen hunn. Informatiounen déi hëllefen e Verständnis vun neie Projeten ze kréien; Informatiounen déi erlaben zousätzlech Käschte vun engem Projet, ewéi zum Beispill d'Folgekäschten oder d'Personalkäschte vun engem Projet iwwer d'Budgete vun der Ëmsetzung eraus ze chiffréieren; Informatiounen déi hëllefen den Iwwerbléck ze hale wou ewéi eng eventuell extraordinär Recette kann ugefrot ginn. Also lauter relevant Informatioune wann et drëms geet e Budget, welchen sech an de Pluriannuell aschreift, op ze stellen.

Eng weider organisatoresch Neierung ass och en neien informatesche Programm den in-house vun eise Servicer entwéckelt gouff a welchen méi schnell an iwwersiichtlech Ofleef an der Facturatioun garantéiert. Dës Transitioun vu Pabeier-Bierger op den Ecran, op deem d'Commande, d'Rechnung, de Suivi vun der Rechnung, d'Aschreiwen an

d'Konten, op ee Bléck consultéierbar sinn, erméiglecht net nëmmen eng besser Kontroll iwwer d'Evolutioun vun de Kontestänn, mee garantéiert och de Fournisseuren, dass d'Rechnunge vun der Gemeng zäitno bezuelt ginn. Aktuell verginn ab deem Moment wou eng Rechnung bei eis an der Boîte läit, bis zu deem Moment wou d'Rechnung bezuelt ass 28 Deeg. Virun 10 Joer lounge mär nach bei 41 Deeg.

Wat d'Recette betrëfft, hunn ech virun e puer Momenter schonn eng Kéier d'Subsiden an d'Subventioune vum Staat oder europäeschen a Lëtzebuerger Fongen ugeschwat. Am initiale Budget 2025 wäerten dës en Total vu ronn 56.- mio Euro duerstellen.

Ech wäert elo net weider drop agoen, dass d'Deckelunge vun de Subsiden, respektiv d'Pourcentagen, déi d'Gemenge fir verschidde Projete kënne kréien, net méi un d'Realitéit vum Marché ugepasst sinn an och net méi de Besoine vun de Gemengen entspriechen. De méi wichtege Message fir eis Escher Situatioun ass deen, dass mär et eis net méi erlabe kënne bei Projete wou mär extraordinär Recetten ze gutt hätten, dës net och konsequent an ze fuerderen. Dëst bedeit, dass mär eisen Iwwerbléck iwwer déi méiglech Recette verbessere mussen an dat bedeit, dass mär a verschiddene Fäll eis eegen Usprééch un d'Ufuerderungen déi mat dëse Recette verbonne si mussen an Aklang bréngen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Um Ufank vun dëser Präsentatioun hunn ech duergestallt, dass déi haiteg Propose fir de Budget 2025 op zwee Pilieren opgebaut ass. Den zweete Pilier ass den ambitionéierte politesche Programm, mat Ziler, Iddien an Iwwerleeungen déi eng Majoritéit vun de Conseillèren a Conseilleren am aktuelle Koalitiounsaccord niddergeschriwwen hunn.

Den Usproch d'Liewen an der Stad Esch vu 37.867 Escherinnen an Esch opgrond vun de Prinzippie vun der Nohaltegkeet an der Solidaritéit nach méi liewenswäert ze gestallten, probéiert de Schäfferot a probéieren d'Conseillèrë vun der Majoritéit an all hir Decisioune mat afléissen ze loossen.

Ech erënneren un de Grondsaz vum Escher Koalitiounsaccord, esou ewéi dësen am Virwuert ausgefouert gëtt: D'Kontinuitéit an d'Stabilitéit si vun zentraler Bedeitung fir d'Stad Esch, wëll se d'Fundament bidde fir eng Weiderentwécklung vun an an der Stad.

Zu der ugestriefter Stabilitéit gehéiert, dass mär d'Liewensgrondlage fir e gutt Zesummeliewen ofsécheren; an eng zolidd Infrastruktur investéieren; d'Bildungsariichtunge fortschrëttlech gestalten; d'Wirtschaft stäerken; a responsabel mat de Ressourcen déi eis gi sinn ëmginn.



D'Ambitioun vum Koalitiounsaccord dréckt sech an den 276 Punkten aus, déi et ze erfëllen gëllt.

D'Ambitioun dréckt sech awer och an den Zuele vum Budget rectifié fir d'Joer 2024 aus, deen Haut zesumme mam Budget initial fir d'Joer 2025 präsentéiert gëtt.

Esou ewéi d'lescht Joer annoncéiert an duerch verschidde Facteuren déi virun e puer Momenter erkläert goufen, ginn d'Zuele par rapport zum Budget initial 2024 zwar no ënne revidéiert; d'Invester an d'Stad an an d'Liewen an der Stad waren a kompletten Zuelen héich am Verglach zu de Virjoeren.

Follgend sinn d'Eckdate vum Budget rectifié 2024:

De rektifizéierte Budget vum Joer 2024 gesäit am uerdentlechen Deel Recettë vun 283.194.441.- Euro an Depense vun 232.089.476.- Euro fir. Doraus ergëtt sech e viraussiichtlech Iwwerschoss vun 51.104.965.- Euro.

Rechent een de Boni vun de Konte vum Joer 2023 ( 53.420.733.- Euro) dobäi, ergëtt sech doraus e viraussichtlech Gesamtiwwerschoss vu 104.525.698.- Euro am uerdentleche Budget vum Joer 2024.

Deem géigeniwwer stinn am ausseruerdentlechen Deel Recettë vun 36.116.798.- Euro an Ausgabe vun 130.513.857.- Euro.

Dëst bedeit also e Mali vun 94.397.059- Euro. Zitt een dëse Mali vum uerdentleche Gesamtiwwerschoss of, bleift fir Enn 2024 e viraussichtlech Reschtiwwerschoss vun 10.128.639.- Euro.

Den an de Budget initial 2024 ageschriwwene Emprunt vu 97,5 mio Euro huet net misste geholl ginn. Dëse verschwënnt och komplett aus dem Budget rectifié 2024, well ausgeschloss ka ginn, dass e Recours heirobber fir d'Budgetsjoer nach néideg kéint ginn.

E Bléck iwwer d'Investitiounen am rektifizéierten extraordinäre Budget 2024 weist, dass de gréissten Deel vun de ronn 130.- mio engagéierten Euro an d'Beräicher vum Enseignement, de Maison Relaisen a vum Logement investéiert goufen. Zesumme maachen dës Beräicher, déi eng Prioritéit vun eiser Politik duerstellen 42 % vun de kompletten extraordinären Ausgaben fir 2024 aus.



Gréisser Projeten déi am Joer 2024 ofgeschloss an ageweit konnte ginn; respektiv wou den initiale Budget 2025 nëmmen nach kléng Montante fir den definitiven Ofschloss ageschriwwe krut sinn ënner anerem:

- De Generatiounscampus Wobrécken
- D'Maison Relais bei de Pompjeeën
- De Local didactique am Déierepark
- D'Antenn vum BiBSS zu Lalléng
- D'PMR-Upassung am Jugendhaus
- De Musée national de la Résistance et des Droits humains
- De Bâtiment modulaire an der Zone sportive Lankelz
- D'Gradinen vum Jeunesse-Terrain
- D'Loten 6N a 7N, asw.

Woumadder mär elo zu der Präsentatioun vum initiale Budget fir d'Joer 2025 géinge kommen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

De Budget 2025 wéilt ech gären ënner den Titel „**Well et eis fir Esch wichteg ass**" stellen.

Mat dëser Iwwerschrëft beruffen ech mech op en Zitat vun engem Politiker deem ech um Enn vu senger laanger Carrière mäi Respekt ausdrécke wëll, den US-President Joe Biden. Dat komplett Zitat vun him heescht: *„Sot mär net, wat iech wichteg ass, mee weist mär äre Budget an ech soen iech, wat iech wichteg ass."*

Et ass en Zitat dat op dës Budget-Propose passt, well dës tatsächlech an Zuelen déi Wäerter a Bestriewungen ausdréckt an deenen sech d'Parteie vun der Majoritéit erëm fannen. Et ass en Zitat dat op dës Budget-Propose passt, well dës tatsächlech an Zuelen déi Prioritéiten an de Fokus setzt, déi fir d'Erhale an d'Verbesserung vun der Liewensqualitéit an eiser Stad wichteg sinn.

An de Previsioune fir d'Joer 2025 sinn am uerdentleche Budget 283.686.600.- Euro Recetten an 250.670.794.- Euro Depensë virgesinn, mat engem Boni vun 33.015.806.- Euro.

Zielt een de präsuméierten Iwwerschoss vun 2024 (10.128.639.- Euro) dobäi, ergëtt sech e präsuméierten ordinäre Gesamtiwwerschoss vu 43.144.445.- Euro.

Am ausseruerdentleche Budget vun 2025 belafen sech d'Recetten op 149.107.803.- Euro an d'Depensen sech op 191.263.550.- Euro wat e Mali vun 42.155.747.- Euro ervir rifft.

Dëse Mali gëtt ausgeglach duerch e Boni vum ordinäre Budget an de Reschtiwwerschoss beleeft sech Enn 2025 deemno op viraussichtlech 988.698.- Euro

D'Recette vum Budget 2025 enthalen en neien Emprunt vun 78,5.- mio Euro, ouni deen de Budget net am Equiliber wär.

Opgrond vun de Positiounen déi am Debat zu de Konte vum Budgetsjoer 2022, virun 10 Deeg hei op dëser Plaz, formuléiert goufen, erlaben ech mär och direkt dësen Emprunt ze thematiséieren. Heifir wéilt ech dann d'Evolutioun vun den an de leschte 5 Budgeten agedroene Emprunten duerstellen.

Zanter 2021 sinn Emprunten an de jeeweilegen initiale Budgeten ageschriwwe gewiescht. Dëst huet sech erginn, well zanter der Gemengefinanzreform direkt eng ganz Rëtsch gréisser Projeten an d'Budgeten ageschriwwe goufen. Dat mat der Aussicht, dass déi richteg déier Joren, d'Joren 2023, 2024 an 2025 géinge ginn.

Vun 2021 op 2023 sinn déi agedroen Emprunten dann och konsequent geklomme vun Ufanks 24.- mio Euro am initiale Budget 2021 op 125.- mio Euro am initiale Budget 2023.

Fir de Budget 2024 hu mär eis Politik esou ugepasst, dass d'Tangente vum méiglechen Emprunt erëm eng aner Richtung konnt aschloen. Den agesaten eventuellen Emprunt huet sech op 97,5.- mio Euro chiffréiert. Fir elo fir d'Joer 2025 nach eemol weider op 78,5.- mio Euro erof ze goen.

D'Differenz tëscht dem Total vun de geplangten extraordinären Ausgaben an dem ageplangten Emprunt huet sech zanter dem initiale Budget fir d'Joer 2022 och Joer fir Joer reduzéiert. Am Budget initial 2022 loung dës bei 118.- mio Euro, 2023 nëmmen nach bei 82.- mio Euro an 2024 esouguer just op 72.- mio Euro.

Dës Situatioun konnt awer ausgebremst ginn an huet esouguer eng aner Richtung ageschloen. Am Géigesaz zu de virechte Budgeten, kennt de proposéierten extraordinäre Budget 2025 eng Hausse an den agedroenen eventuellen Emprunt eng Baisse. D'Schéier wiisst erëm op iwwer 112,5.- mio Euro un.

Dëst bedeit, dass mär zwar weider en Emprunt aschreiwe mussen. Awer och dass dëst politesch bedeitend méi liicht fält ewéi an de Virjoren:

- Et ass positiv ze bewäerten, dass den agesaten Emprunt fir 2025 par rapport zu de Virjoren erof geet, an dat obwuel den Invest erëm klëmmt.
- Et ass positiv ze bewäerten, dass den Emprunt aus dem Virjoer, obwuel dësen net geholl ginn ass, net komplett op de Budget 2025 huet misste reportéiert ginn.

An esouguer wann een dovunner ausgeet, dass déi extraordinär Engagementer vläicht ze enthusiastesch am Budget 2025 agesat sinn, an den Emprunt eventuell net geholl wäert musse ginn, dann erkennt ee beim liesen vum Budget, dass déi Projeten déi e besonnesch grousse finanziellen Impakt am Budget hunn, all en eventuelle Emprunt géinge rechtfäerdegen.



D'Gewiichtung vun de Prioritéiten ënnersträicht nämlech eng responsabel Iwwerleeung beim Choix vun de Projeten. D'Investissementer an d'Schoulen, d'Maison Relaisen an an de Logement maachen zesummen 48% vum extraordinäre Budget aus.

Et kann ee generell betounen, dass d'Situatioun vum ordinäre Budget sech besser duerstellt ewéi an de Virjoren. Déi ageplangte Recetten klamme par rapport zum Budget 2024 méi héich ewéi déi ageplangten Depensë.

D'Haaptrecette vun der Stad Esch ass déi ausbezuelten Tranche aus dem Fonds de dotation globale des communes (FDGC). Am Verglach zum initiale Budget 2024 klëmmt dës em 27.- mio Euro op 196.- mio Euro. Déi éischte Kéier zanter Jore bleift och eis Part aus dem kompletten FDGC prozentual zum Recht vum Land stabil, well d'Escher Populatioun proportionell zu der nationaler Moyenne matgewuess ass.

Déi lëscht Recettë vum Impôt commercial communal klamme ëm 500.000.- Euro op 6.- mio Euro ; d'Recetten aus eisen eegene Steieren a Taxe klammen em eng Millioun op ronn 30.- mio Euro. Zanter elo 10 Joer bleift dës Recette stabil. Ordinär Remboursementer a Subside vum Staat chiffréieren sech op 23.- mio Euro, wat eng Augmentatioun vu ronn 2.- mio Euro ausmécht.

Op der Depense-Säit bleiwen d'Haapt-Depensen eis Personalkäschten. Am Budget initial klammen dës op ronn 142.- mio Euro, wat eng Hausse vun 9,5% par rapport zum Budget rectifié 2024 ausmécht. Och wann dës Hausse méi bedeitend ass ewéi nach an de 2010'er Joren, kann een awer feststellen, dass par rapport zu de Virjoren och hei d'Tangente en anere Wee ageschloen huet : vun enger Progressioun vu 14,3% am Joer 2023 an enger Progressioun vun 12,4% am initiale Budget 2024, zu enger Progressioun vun 9,5% fir d'Joer 2025.

Der Annonce vum leschte Joer, dass d'Stad Esch eng Personalkäschten-Entwécklung déi an de leschten 10 Joer eng Augmentatioun vun 83% kannt huet, net méi weider féiere kann, ass Rechnung gedroe ginn.

D'Personalentwécklung am Joer 2024 war mat Stand op den éischten Dezember 2024 follgend: Mär zielen op den haitege Dag 51 Poste-Kreatiounen, respektiv 20, wa mär d'Maison Relaisen ausklammeren. Dëse Kreatioune stinn 18 Suppressioune géintiwwer, wouvunner 17 net an de Maions Relaisen waren. Wann mär d'Maison Relais ausklammere sti mär also bei engem Netto vun 3 Postekreatiounen.

Mam Ausklammere vun de Maison Relaisen, goufe lescht Joer 39 nei Poste kreéiert an 21 suppriméiert, woumat de Netto bei 18 Kreatioune läit. Fir 2022 waren et 51 Kreatiounen an 22 Suppressiounen, wat e Plus vun 29 Posten ausmëscht; a fir 2021 waren et 46 Kreatioune bei 12 Suppressiounen, wat ënnert dem Strëch 34 nei Posten ausgemaach huet.

Déi frappant Augmentatioun fir Energiekäschten déi sech schonn duerch déi lescht Budgete gezunn huet, mécht och am Joer 2025 keen Halt. Besonnesch frappant ass d'Entwécklung fir d'Elektresch, wou mär par rapport zu de Konten 2023 mat enger Augmentatioun vu ronn 675.- dausend Euro erop op e komplette Montant vu ronn 2,7.- mio Euro kommen. Dëst ass eng Augmentatioun vu 25% op ee Joer. Beim Gas rechne mär mat zousätzleche 312.- dausend Euro fir op ronn 1,8.- mio Euro ze kommen, wat ronn 21% méi sinn. Bei der Cogénératioun klamme mär vu 679.- dausend op 804.- dausend Euro. Dëst ass eng Hausse vu 18%. Et fält op, dass d'Ewegfale vun de staatleche Hëllefe e bedeitenden Impakt op de Gemengebudget huet.

Och d'Ausgabe fir Waasser, Ofwaasser a Poubelle vun der Stad Esch klamme viraussichtlech am Joer 2025. Dëst vun 1,18.- mio Euro an de Konten 2023 op 1,35.- mio Euro am Budget 2025; also 170.- dausend Euro méi.

Déi previsionnel Depensë fir Produits alimentaires klamme par rapport zu de Konten 2023 ëm 43% vun 1,4.- mio Euro op 2.- mio Euro. Wann d'Augmentatioun bei den Alimenter nach am Budget 2024 duerch eng bedeitend Inflatioun am Joer 2023 op Iessproduiten ze erkläre war, dann ass d'Augmentatioun vun dësem Joer virun allem dorobber zréck ze féieren, dass zanter dem leschte Budget weider Chaisen a Maison Relaisen dobäi komm sinn a weiderer wäerten dobäi kommen.


Wat d'Käschte fir Marketing a Reklamm betrëfft, (ech klammeren hei punktuell technesch Informatiounen aus) ginn d'Käschte par rapport zum initiale Budget

ëm 216.- dausend Euro erof. Konkret bedeit dat eng Diminutioun vun 2,6.- mio Euro erof op 2,38.- mio Euro. Eng Ëmorganisatioun vum *Service Relations publiques* zum *Departement Communication*, soll duerch eng besser Koordinatioun, enger oppener a konstruktiver Diskussioun an a-Fro-Stellung vun eisen aktuell genotzte Moyenë zu enger Optiméierung vun eise Kommunikatiouns-Réseau'en bäidroen. Dëst wäert net mat enger iwwerdriwwener Kreatioun vu ville neie Poste verbonne sinn, mee virun allem mat enger besserer Koordinatioun tëscht de verschiddenen Acteuren aus de Servicer oder Haiser.

D'Syndikater séchere Servicer of, an deenen eng regional Zesummenaarbecht eng Plus-Value fir d'Stad Esch duerstellt. Besonnesch an de Beräicher vun der Klimapolitik, der Transitioun an der Resilienz, maache gemeinsam regional Efforten absolut Sënn an eis finanziell Participatioun ass absolut derwäert.

Wann een all d'Syndikater zesumme rechent wäert déi Escher Participatioun sech op ronn 18.- mio Euro chiffréieren. Dat stellt eng Augmentatioun vu ronn 13%, respektiv ronn 2.- mio Euro, par rapport zu de Konten 2023 duer ; a bedeit awer och gläichfalls eng Baisse vu ronn 380.- dausend Euro par rapport zum rektifizéierte Budget 2024.

Dës Entwécklung erkläert sech virun allem duerch eng signifikativ Baisse vun 1,9.- mio Euro bei eiser Participatioun beim TICE a mat 90.- dausend Euro manner Investissement am ZARE ewéi an de Virjoren. Op der anerer Säit ginn awer all aner Participatiounen a Syndikater an d'Luucht. Ervirzehiewen sinn déi zousätzlech Käschten fir den Ausbau vun der Kläranlag an déi bedeitend Augmentatioun vu 33%, a kompletten Zuele 675.- dausend Euro, fir den Akaf vu Waasser beim SES.



Un der Sudenergie an un der Sudstroum, zwee wichtegen Acteuren an der Energie-Transitioun, bedeelegt sech d'Stad Esch als Haaptaktionär. Heirauser erginn sech Recetten déi dann erëm an Ëmwelt-, Energie- oder Transitiounsprojeten investéiert ginn. Déi viraussichtlech Dividenden vun der Sudenergie gi fir 2025 op 520.- dausend Euro an d'Quote-part vum Benefice vun der Sudstroum op 3,5.- mio Euro chiffréiert.

Am August huet den Inneminister d'Neierunge fir d'Finanzéierung vum CGDIS präsentéiert mat deier d'Gemenge finanziell staark entlaascht goufen. Fir d'Stad Esch mécht déi Entlaaschtung ronn 1,57.- mio Euro aus : mär ginn vun 2,26.- mio Euro am Joer 2024 op 692.- dausend Euro am Budget 2025 erof.

En Contrepartie ergëtt sech aus enger weiderer Reforme eng nei Depense fir d'Stad Esch, wëll mär eng éischte Kéier an de *Fonds pour l'emploi* abezuelen. Dës Depense déier sech eng ganz Rëtsch Gemengen, entzunn hunn, mécht fir de Budget 2025 eng 800.- dausend Euro aus.

*De Fonds pour l'e*mploi déngt zum Beispill fir d'Remboursementer un de Privatsecteur vun de Patronskäschten an de Sécurité Sociale- Cotisatiounen, wa Betiber eeler Chômeuren oder Laangzäit-Chômeuren astellen oder fir de Salariéë d'Arriéréë vun de leschte 6 Méint Pai aus ze bezuelen, wann hire Patron Faillite mécht. Zwee Prozent vum Impôt commercial communal an dëse Fong ze bezuelen, hätt eigentlech och scho virdrun eng Selbstervständlechkeet fir d'Stad Esch kéinte sinn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Vun de méi allgemenge Recette a Depensë, kommen ech elo bei déi extraordinär Depensë, oder déi méi spezifesch ordinär Artikelen an der Budget Propose 2025. Dëst an Uleedung un d'Kapitelen aus dem Koalitiouns-Accord.

## Esch, eng liewenswäert Stad

Ewéi am Koalitiounsaccord festgehalen, ass dës Koalitioun dovunner iwwerzeegt, dass bei jidder Eenzelnem d'Liewensqualitéit doheem ufänkt. Jidder Eenzele bedeit, dass d'Offer genee esou villsäiteg muss sinn ewéi déi verschidden Demanden, Besoinen a Virstellunge vun de Leit.

Eis extraordinär Investissementer an de Logement maachen dëst Joer 51,7.- mio Euro aus. Mat Bléck op de kompletten extraordinäre Budget stellen dës Investissementer 27% duer a maachen 16,83.- mio Euro méi ewéi am Virjoer aus.



Am proposéierte Budget ass d'Konstruktioun vun de Loten 6N a 7N mat Ofschlosskrediter iwwer 2,25.- mio Euro ageschriwwen. Et kann ee bedauere, dass d'Vente grad beim 7N net esou verlaf ass ewéi erhofft. Dat maachen ech och. Dëst allerdéngs ouni Abstraktioun vun der Grondiddi vum Projet an dem Kontext vun der ugelafener Vente ze maachen.

D'Iwwerleeung, dass eng Gemeng soll abordabel Wunnraum schafen, fir et oft jonke Leit a jonke Familllen ze erméiglechen e modernt an nohalteg gebauten Haus oder eng Wunneng an engem liewege Quartier ze kafen, empfanne mär nach ëmmer als richteg. Dass dës Haiser, fir am 7N ze bleiwen, fir em déi 640.- dausend Euro am Bail emphytéotique verkaf géinge ginn, huet virun der Zëns-Evolutioun, wou hei zu Esch kee vergläichbaart Eefamilljenhaus ënner enger 900.- dausend Euro um Marché war, och

Jiddereen als raisonnabel ugesinn.

Mat dem Konzept, dass an de Nonnewisen guer kee lokativen Wunnraum sollt entstoen huet eis Koalitioun an der leschter Mandatsperiod scho gebrach. Net nëmmen huet d'Stad Esch dem Fonds de Logement den Accord gi lokative Wunnraum hei ze bauen an heimadder de Wee fir d'Realisatioun vun 118 Sozialwunnenge fräi gemaach.

D'Stad Esch huet der SNHBM och den Optrag gi fir eng Residenz mat 30 Sozialwunnenge fir eisen eegene Parc locatif ze bauen. E Projet dee mat 10.- mio Euro am Budget rectifié 2024 a mat 4,8.- mio Euro am Budget 2025 ageschriwwen ass.

Weider 67 Logementer fir Locatioun ginn an de Nonnewise vun de nationale Bauträgere geplangt.

Massiv a lokative Wunnraum investéiert d'Stad Esch op der Rouder Lëns. D'Acquisitioune vum Lot 29a, dem Lot 2a vum Lot 2b maachen eleng fir d'Joer 2025 Investissementer fir ronn 39.-mio Euro aus. Wann ech déi komplett Investissementer fir déi op der Rouder Lëns geplangte 429 lokativ Wunnenge fir d'Stad Esch zesumme rechne, kommen ech op ee Käschtepunkt vu ronn 240.- mio Euro. Ech kenne keng aner Stad oder Gemeng hei am Land déi en änleche Wee ageschloen hätt, ewéi deen dee mär elo ginn.










Lescht Joer hunn ech op dëser Plaz ugekënnegt, dass eng Prioritéit d'Renovatioun vun den eidelstoende Sozialwunnenge géing duerstellen. Vun de lescht Joer opgezielten 58 onbewunnte Sozialwunnenge sinn der 2024 12 bewunnbar gemaach ginn. Fir weider goufe Projeten définéiert.

Am ordinäre Budget 2024 hu misste Kreditter nogestëmmt gi well dës am September opgebraucht waren. Am proposéierten ordinäre Budget 2025 schreiwe mär Kreditter vu 550.- dausend Euro an, wat méi ewéi eng Verdueblung par rapport zum Joer 2022 ass.

De proposéierten extraordinäre Budget 2025 gesäit fir, dass déi méi grouss Renovatioun vun de Sozialwunnengen op der Leier an am Block rue des Remparts – rue du Fossé solle prioritär weidergoen. Den Invest beleeft sech heifir op ronn 2,4.- mio Euro. Ervirhiewe wëll ech och de Bau vun engem neien Haus um Leesbierg, wou de virechte Bestand huet missten ofgerappt ginn. De Projet chiffréiert sech fir 2025 op 900.- dausend Euro.

Räim fir Bildung a Betreiung ze schafen, ze verbesseren an auszebauen, ass eng Häerzensugeleeënheet vun der Koalitioun. Woubäi ech de Begrëff *Raum* net alléng op eng *Raimlechkeet* wéilt reduzéieren, mee och un de Raum denken deen d'Léierpersonal, deen d'Educatricen an d'Educateuren an all aner Acteuren an der formaler an non-formaler Bildung schafen fir d'Entwécklung vun den Escher Kanner ze ënnerstëtzen.



Impressionant Beispiller vun neie Raimlechkeete konnte mat dem Campus Wobrécken a mat der Maison Relais bei de Pompjeeën dëst Joer ageweit ginn.

40,9.- mio Euro si fir Bildung a Betreiung alléng am extraordinäre Budget 2025 ageschriwwen. Dës maachen 21% vum proposéierten extraordinäre Budget aus.

Bedeitend Projeten déi am Budget 2025 ageschriwwe sinn, sinn de Bau vun der neier Schoul op der Rouder Lëns an d'Renovatioun vun der bestoender Bruch-Schoul. D'Aarbechte fir de Campus mat Schoul, Kompetenz-Zentrum, Maison Relais a Crèche, op

der Rouder Lëns sinn am Budget mat 10,9.- mio Euro chiffréiert. Bei der Renovatioun an dem Ausbau vun der Bruch-Schoul mat der dozou gehéierender Maison Relais, schwätze mär vun 22,7.- mio Euro am Budget 2025.

Weider Aarbechte sinn a follgende Schoule virgesinn: de Sanitär op der Dellhéicht soll erneiert gi fir 225.- dausend Euro; den Interieur vum Gebai um Aréodrome soll renovéiert gi, woufir en éischte Kredit vun 150.- dausend Euro ageschriwwen ass; fir PMR-gerecht ze ginn wäert e Lift an der Ganz-Dag-Schoul fir 150.- dausend Euro installéiert ginn; d'Renovatioun vum Preau vun der Groussgaass-Schoul ass mat éischten 160.- dausend Euro ageschriwwen; an Seegele fir méi Sonneschutz solle fir 120.- dausend Euro an der Nonnewise-Schoul installéiert ginn. Weider 500.- dausend Euro sinn am ordinäre Budget fir Renovatiounen a Reparatiounen a bestoende Schoulgebaier ageschriwwen.

Zousätzlech Maison Relais-Chaisen entstinn an de Quartiere Nonnewisen an zu Lalléng, zwee Quartieren wou den Drock op d'Waardeléschte besonnesch grouss ass. De Budget 2025 gesäit fir d'Amenagement vun der Maison Relais am Lot 6N 1.- mio Euro fir. D'Maison Relais um Lallénger Däich ass en neie Projet am Budget, dee mat engem éischte Kredit vun 1.-mio chiffréiert ass an ënnert dem Stréch eng 10,5. mio Euro wäert ausmaachen.

181 Kanner stounge bei der Rentrée op der Waardeléscht fir eng Chaise an enger Maison Relais. Eng Zuel déi bedeitend an de leschte Joren erof gaangen ass a weider wäert erof goen.

Mat der Maison Relais am fréiere Sprëtzenhaus sinn 145 weider Chaisen entstanen. Zousätzlech 80 Chaisen am 6N, 103 zousätzlech Chaisen um Bruch an 350 Chaisen op der Rouder Lëns, sinn am Moment an der Ëmsetzung. Mam Projet am Lallénger Däich kommen weider 140 Chaisen an d'Planung an an d'Ëmsetzung.



Den ordinäre Budget fir den Enseignement, Ënsber net mat abegraff, geet fir 2025 op 13,81.- mio Euro erop. Dat sinn 1,37.- mio Euro méi ewéi am Budget 2024 an 2,16.- mio Euro méi ewéi an de Konten 2023.

Den Fonctionnement- Budget fir d'Structures d'Accueil geet fir 2025 op 26,3.- mio Euro erop. Dat sinn 3,1.- mio Euro méi ewéi am Budget 2024 an 6,8.- mio Euro méi ewéi an de Konten 2023.

Montanten déi mär wichteg schéngen hei ze nennen, wëll dës d'Aktivitéiten an d'Liewen an de Schoulen a Maison Relaisen ausdrécken an der Stad hiren Invest an d'Entwécklung vun de Kanner ënnermaueren.

Mir wëssen Haut dass et nieft der formaler an der non-formaler Bildung weider Räim vu Bildung gëtt, op mär als Stad mat drop awierke kënnen. 780.- dausend Euro sinn an dëser Iwwerleeung fir nei Spillplazen, respektiv d'Renovatioun vu Spillplazen ageschriwwen am Budget. De gréisste Projet wäert d'Erneierung vun der Spillplaz um Gaalgebierg duerstellen, déi alléng e Coût vun enger halwer Millioun ausmécht.



Heibäi kommen 230.- dausend Euro fir d'Installatioun vun temporäre Spillplazen a Spillstroosen.

Eng Plaz wou d'Leit zesumme kommen ass a bleift eisen Escher Zentrum. Dat nët nëmmen, awer och grad, wëll dësen eise kommerziellen Zentrum mat der Uelzechtstrooss an hiren Niewestroosen duerstellt. Am Koalitiounsaccord ass festgehalen, dass d'Engagement an déi wirtschaftlech Entwécklung vun der Stad a besonnech vum Zentrum bäi behale gëtt.

Am extraordinäre Budget ass en Ofschloss-Artikel fir d'Entwécklung vum Gesamtkonzept vum Réaménagement vun der Uelzechtstross ageschriwwe, welche sech op 325.- dausend Euro chiffréiert. Woubäi ech awer och präziséieren, dass net ageplangt ass, fir direkt mat der Réalisatioun vum Projet un ze fänken.




Zu engem Moment wou d'Uelzechtstrooss erëm opootemt, wat sech notamment op déi lescht 12 Méint mam Opgoen vun 22 neie Geschäfter an der Uelzechstrooss an 8 neie Geschäfter an hire Niewestroosen ausdréckt, wäer et elo net de Moment fir e grousse Chantier am Zentrum op ze rappen. Eng Iwwerleeung déi iwwregens och mam Geschäftsverband thematiséiert gouf.

Dass dës positiv Entwécklung grad stattfënnt ass op d'Beméiungen an op d'Initiativen zréck ze féieren déi ënner der Koalitioun ugestouss goufen an elo hir Friichten droen. Budgetär gesinn, fannen sech d'Engagementer vun der Stad am ordinäre Budget erëm. An dës Engagementer bleiwen och 2025 bedeitend.

Den Artikel fir Aktivitéiten an eenzel Projete ronderëm d'Revalorisatioun vum Zentrum beleeft sech op 255.- dausend Euro; déi ageschriwwe Subside fir Geschäftsleit déi sech nei zu Esch installéieren chiffréieren sech op 125.- dausend Euro; an den Artikel deen am Kader vun der Gestion locative commerciale d'Ulounen vu Geschäftsfläche erméiglecht, gëtt op 165.- dausend Euro verduebelt.

Donieft sinn et d'Beméiungen vun der Stad Esch hiren Awunner eng divers a wäertvoll kulturell Offer an einfach accessibel touristesch Aktivitéiten un ze bidden, déi och iwwer den Escher Territoire eraus geschätzt ginn.

Déi aktuell Koalitioun huet et net nëmmen erméiglecht, dass et nach ni esou esouvill Kulturhaiser a Kulturschafend um Escher Territoire gouf ewéi Haut; déi aktuell Koalitioun ass och dovunner iwwerzeegt, dass déi ugebueden Kultur-Offer esou ofwiesslungsräich ass ewéi nach ni virdrun an der Qualitéit vun enger fréierer Kultur-Haaptstad gerecht gëtt.



2025 soll d'Escher Konschthal eng leschte Kéier mat ronn 2,2.- mio Euro am extraordinäre Budget optauchen. Dëst neit, aus dem Kulturjoer eraus entstaanend, Konschthaus, gëtt iwwer d'Grenzen eraus gelueft a stellt eng reell qualitativ Alternativ zu anere Konschtgalerien hei am Land an an der Groussregioun duer. Besonnesch d'Displaced-Austellung huet en neie Schrëtt an der Entwécklung vum Haus duergestallt a fir Begeeschterung egal op an der Konschthal selwer oder op der Façade vum Stadhaus gesuergt.

Och an den Escher Theater gëtt weider investéiert. Nieft dem fréiere Restaurant um 4te Stack, deen nei amenagéiert an de Spectateuren erëm zougänglech gemaach gëtt, ass e gréisseren Invest an d'Sonorisatioun an an d'Museksanlag virgesinn. Mat enger zousätzlecher Mise en conformité betreffend de Sécherheetsmesuren, a weidere méi klengen Aarbechten, beleeft sech den Invest am extraordinäre Budget 2025 fir den Theater op ronn 785.- dausend Euro.



Den Escher Conservatoire kritt sengersäits eng nei Beliichtung fir d'Bün an den Auditoire installéiert wat e Käschtepunkt vun 250.- dausend Euro ausmécht. Weider 200.- dausend Euro si fir verschidden weider Ëmbau-Aarbechten ageschriwwen.

De Projet vun der Renovatioun vun der Kulturfabrik wëll d'Stad Esch proaktiv ugoen. Heifir sinn am Budget 300.- dausend Euro fir Etüden an Honorairen, en vue vun engem Start vum Chantier am Joer 2026, ageschriwwen.

Wat d'Konventioune mat verschiddenen ASBL'e betrëfft geet de Subside fir Independant Little Lies asbl erop op 150.- dausend Euro. D'ILL sinn en Acteur deen an der Escher Kulturzeen duerchaus geschätzt gëtt a mat senge partizipativen Usätz d'Kultur fir Jiddereen accessibel mécht.




D'Konventioun mat der frEsch asbl chiffréiert sech op 3,9.- mio Euro. Grad de Succès vun de Francofolies, déi ronn 40'000 Spectateuren op Esch bruecht hunn, an déi dozou bäidroen dass d'Stad Esch seng Positioun als Kulturstad och an der Groussregioun ka festegen, ass net kléng ze rieden. Jiddereen deen et op de Gaalgebierg gezunn huet konnt sech iwwerzeegen, dass de Francofolies-Festival e ganz besonnesche Feeling op Esch bréngt.

Am evenementielle Kulturberäich ass och eis Konventioun mam Luxembourg Open Air unzesiedelen. D'Partenariat tëscht der Stad Esch an dem LOA wëlle mär verstäerken an och op aner Evenementer ewéi just de Festival um Belval ausweiden. Am ordinäre Budget gi mär heifir op eng Participatioun vun 175.- dausend Euro erop.

Donieft sinn 280.- dausend Euro fir d'Ënnerstëtzung vu punktuelle Kulturprojeten, an der ordinärer Budgetpropose 2025 ageschriwwen.

Virun e puer Wochen huet d'Stad Esch d'Schlëssele vum fréieren Direktiounsgebai vun Arbed-Mines an der Avenue des Terres Rouges iwwerreecht kritt. Dëst Gebai soll esouwuel fir d'Archive vun der Stad, ewéi fir eng Fotothéik genotzt ginn. An dëser éischter Phase soll d'Gebai esou authentesch ewéi nëmme méiglech erhale ginn, fir der Logik vum Erhale vum Patrimoine gerecht ze ginn. Heifir sinn am extraordinäre Budget 2025 eng 700.- dausend Euro ageschriwwen. An der nächster Phase gëllt et dann ze evaluéieren ewéi eng Amenagementer néideg sinn, fir eng Extensioun vum Conservatoire op dëser Plaz ze erméiglechen.



Eng Neierung am ordinäre Budget besteet doranner, dass den Departement vum Patrimoine a vun der Industriekultur och budgetär vun der Kultur getrennt ass. Ronn 110.- dausend Euro stinn ënner anerem fir Konventiounen oder Acquisitiounen zu Verfügung.



Et wär verleeën d'Stad Esch als eng grouss international Touriste-Destinatioun duer ze stellen. Et géing een sech awer och ënnert dem eegene Wäert verkafen, wa mär de Message géinge propagéieren, dass et sech als Tourist net géing lounen hei laanscht ze kommen. Grad mat Bléck op déi touristesch Entwécklung vum Süden, gëtt de Koalitiounsaccord och weider Beméiungen an dësem Beräich fir.

Am extraordinäre Budget 2025 sinn notamment 150.- dausend Euro fir eng Konzeptentwécklung vum Escher Camping um Gaalgebierg virgesinn. Heinieft si ronn 600.- dausend Euro am ordinäre Budget fir d'Entwécklung an d'Promotioun vun eisem Tourismus-Standuert ageschriwwen. Dëst zum Beispill fir d'Entwécklung vu neie Visites guidées oder vun neien Evenementer.

Erlaabt mär dann drop hin ze weisen, dass et déi dagdeeglech Aarbecht vun eiser Administratioun a vun all eise Servicer ass, déi zu enger grousser Liewensqualitéit an der Stad bäidréit. Wärend e ganzen Deel vun deem Geleeschtenen fir d'Biergerinnen an d'Bierger direkt visibel ass, schaffen eng ganz Rëtsch Servicer awer och ganz diskret a kréien nëmme seelen en ëffentleche Merci ausgeschwat. Iwwer dëse Merci, deen ech heimadder am Numm vum Schäffen- a Gemengerot un dat komplett Personal vun der Stad Esch wëll formuléieren, soll de Besoine vun eisen Ekippen awer och am Budget Rechnung gedroe ginn.

Den extraordinäre Budget 2025 gesäit ënner anerem fir, dass d'Aarbechte vum Amenagement vun de neien Ateliere vum Service technique Bâtiment op Lankelz solle weider ëmgesat ginn. Heifir si ronn 2,6.- mio Euro agedroe.





Heinieft soll an eng Neigestaltung vum Site Barbourg investéiert ginn. Nieft enger ganzer Rëtsch kléngerer Renovatiouns an Amenagement-Käschten um Site, déi awer schnell 375.- dausend Euro am extraordinäre Budget ausmaachen, soll virun allem d'Neigestaltung vum Site mat neie funktionelle Gebaier viru geduecht ginn. Eng hallef Millioun Euro ass an dësem Sënn am Budget ageschriwwen.

Des Weideren ginn d'Aarbechte vun der Mise en conformité an vum Compartimentage an eise Gebaier virun. Eleng 525.- dausend Euro maachen dës baulech Upassungen am Budget aus. Et gëllt hei och drop hin ze weisen, dass eis Servicer net nëmme Leit begéinen déi hinne wuel gesënnt sinn. Entretemps schreiwen sech 325.- dausend Euro fir Surveillance-Käschten an de Budget an.

Schlussendlech ass den Invest an d'Erweiderung vun de Kompetenze vun eisem Personal en Invest deen all Eenzelnem am berufflechen Alldag, mee och all den Escherinnen an Escher ze gutt kënnt. Fir Formatiounen a Weiderbildunge stinn dem Personal 385.- dausend Euro zu Verfügung, wat eng Augmentatioun vu ronn 125.- dausend Euro par rapport zum virechte Budget duerstellt.

E kléngen awer wichtegen Invest aus dem Budget 2025 wéilt ech dann nach ervirhiewen: Fir 75.- dausend Euro sollen nei Duschen an der Pompjees-Kasär, déi am Besëtz vun der Stad Esch ass an un de CGDIS verlount gëtt, installéiert ginn. Dësen Invest stellt nëmmen eng kléng Reconaissance duer fir d'Engagement vun de Fraen a Männer, déi bereet sinn am Asaz hir eege Sécherheet ze riskéiere fir d'Sécherheet vun eis All.

## Esch, eng solidaresch Stad

*Eng effektiv a kohärent Sozialpolitik gehéiert zu der DNA vun der Stad Esch.* Esou titelt de Koalitiounsaccord. Dëse Charakterzuch vun eiser Stad dréckt sech notamment doranner aus, dass mär Escher bereet sinn och regional, voir national, Responsabilitéiten ze iwwerhuelen.

Den Haaptprojet stellt natierlech den neie „Foyer de nuit" duer, welchen mat 2,8.- mio Euro am Joer 2025 zu Buch steet. Net nëmmen, dass de neien AbriSud méi Better ewéi déi aktuell Struktur wäert zielen; d'Entwécklung vun de Pläng huet och probéiert allen Erausfuerderungen a méiglechen Zenarioen déi mam Accueil vun Obdachlose verbonne sinn, Rechnung ze droen.

600.- dausend Euro si fir den Ëmbau vum Lokal op 118 an der Kanalstrooss agedroen. D'Lokalitéite vum neie Restaurant Social vun der Stëmm vun der Strooss sollen am nächste Joer zu engem Ofschloss kommen. Däser Entwécklung gëtt och am ordinäre Budget Rechnung gedroen: esou wäert den agedroene Montant an der Konventioun mat der Stëmm sech op 160.- dausend Euro verduebelen. En contrepartie engagéiert sech d'Stëmm hir Dieren méi laang op ze maachen an erméiglecht hiren Usagerë och iwwer d'Mëttegstonn eraus e Moment hei ze verbréngen.

Am proposéierten ordinäre Budget 2025 sinn et grad d'Konventioune mat verschiddene sozialen Acteuren déi Ausdrock vum Engagement vun eiser Stad sinn. D'Konventioun mat Interactions chiffréiert sech op 450.- dausend Euro; d'Stad ënnerstëtzt d'Jugend an Drogenhëllef mat 225.- dausend Euro; de Médecins du Monde komme 65.- dausend Euro ze gutt; an ewéi virun zwou Wochen am Gemengerot gestëmmt assuréiere mär duerch eng Konventioun mat HUT iwwer 275.- dausend Euro d'Aktivitéit vun der Escher Epicerie sociale.

D'Ausbezuele vun der lokaler „Allocation de Vie chère" mécht am ordinäre Budget 2025 eng 1,95.- mio Euro aus. Dëst ass eng Entwécklung vun iwwer enger Millioun op 3 Joer.

Eraus hiewe wéilt ech d'Engagement vun der Stad Esch par rapport zum CIGL. Eng Erhéijung vun eiser Participatioun vu ronn 850.- dausend Euro, vun 1,15.- mio Euro, am Joer 2022 op bal 2.- mio Euro ass keng Selbstverständlechkeet. Genee ewéi eis finanziell Engagementer bei den ASBL'en Rëm schaffen a Zarabina. Et ass en aktiven Invest vun der Stad an d'Leit, déi gutt encadréiert a gestäerkt probéieren de Wee an den Aarbechtsmarché ze fannen.

All Mënsch, esou ewéi en ass an ewéi en sech fillt, soll sech hei zu Esch doheem däerfe spieren. Eng Viraussetzung heifir ass, dass d'Mënschen an dëser Stad mat hiren Erwaardunge gesinn a gehéiert ginn.

Méi allgemeng si mär dofir gespaant op déi éischt Versammlungen a Diskussioune vum Biergerrot, déi zesumme mat Democracy Next a mat der Chaire Universitaire gestallt solle ginn. Fir d'Gestaltung vun dëse Reunioun sinn 125.- dausend Euro am ordinäre Budget ageschriwwen; weider Montante fléissen an den Expertisen-Artikel vum Sekretariat, respektiv vun de Servicer déi vum Sujet hir betraff wäre, mat an.

Méi spezifesch soll sech am nächste Joer mat der Situatioun vun de verschiddene Generatiounen an eiser Stad befaasst ginn.

Am Januar wäert de Rapport vum Observatoire Social iwwer d'Situatioun vun de Senioren zu Esch präsentéiert an op den Assises sociales thematiséiert ginn. Et gëllt d'Rad net nei ze erfannen, mee op déi exzellent Servicer déi de Senioren hei zu Esch schonn ugebuede ginn op ze bauen.

Am ordinäre Budget chiffréieren sech eis Engagementer fir d'Senioren op ronn 2,15.- mio Euro. Zum Beispill kascht de Service vum Repas sur roues, trotz Upassung vun den Tariffer, d'Stad Esch 2025 geschaten 518.- dausend Euro. Op 200.- dausend Euro beleeft sech eis Konventioun fir de Club Mosaïque an op ronn 165.- dausend Euro belafen sech d'Käschte fir d'Bedreiwe vum Seniorebus. Fir just dës Projeten ze benennen.



Ewéi schonn ernimmt, mécht de Bau vun de Seniorewunnengen op der Rouder Lëns am extraordinäre Budget fir 2025 e Coût vun 20,1.- mio Euro aus. Den Amenagement vun der BiBSS-Antenn zu Lalléng ass nach mat engem Reschtkredit vu 40.- dausend Euro agedroen.

De leschte Plan communal jeunesse ass 2008 präsentéiert gi mam Versprieche vun engem Bilan am Joer 2013. E Versprieche awer deemools net gehale gouf, wat d'Resultater vum Kommunalplang net soll ofschwächen.

An engem ganz partizipative Prozess, ënnert der Leedung vun der Universitéit, ass zesumme mat den Acteure vum Terrain, der Coordination sociale an der Jugendkommissioun e komplett Dokument ausgeschafft ginn, a verschidden Elementer heivunner ewéi zum Beispill d'Realisatioun vum Point Info Jeunes waren d'Resultat.

Et ass eng Opportunitéit de „Centre for Childhood and Youth Research" vun der Universitéit op eisem Escher Territoire ze hunn an op dës Kompetenz zréck gräifen ze kënnen. Doduerch, dass mat weiderer Expertisen op d'Resultat vum My young Esch-Jugendforum opgebaut ka ginn, gëtt eng net negligeabel Plus-Value geschafen. Dass de Jugendkommunalplang net hanner zouenen Diere soll geschriwwe ginn, dréckt sech och am ordinäre Budget 2025 aus: Nieft den 124.- dausend Euro fir d'Realisatioun, schreiwen sech 119.- dausend Euro an, fir gemeinsam Aktivitéite mat Jonke Leit an aneren Acteure vun der Jugend-Aarbecht fir d'Ausschaffe vum Jugendkommunalplang.

Weider Artikele sinn am ordinäre Budget 2025 no uewen ugepasst, esou dass de komplette Budget vum Escher Jugendservice op 1,23.- mio Euro uwiisst, wat e Plus vu ronn 200.- dausend Euro ausmécht.

Hei net mat abegraff ass déi finanziell Ënnerstëtzung vun der Stad Esch fir d'Jugendhaus. Op fënnef Joer gekuckt ass dës Participatioun ëmmerhi vun 334.- dausend Euro op iwwer eng hallef Millioun geklommen.

Et ze erméiglechen, dass Jiddereen hei zu Esch esou ka liewen ewéi en ass an ewéi en sech spiert, sëtzt awer och viraus, dass mär als Stad un eisem gesellschaftlechen Engagement fir Integratioun a géint Diskriminatioun festhalen.

Et stëmmt eis zefridden, dass d'Aarbechte fir „d'Maison de la Diversité" gutt viruginn an heifir 2,3.- mio Euro am extraordinäre Budget ageschriwwe sinn. Zesumme mam „Musée national de la Résistance et des Droits humains" op der Place de la Résistance, wäerten dëst Gebai an d'Aktivitéiten déi hei stattfannen, eng weider Form vun der Escher Resistenz géint all Form vun Ausgrenzung an Haass duerstellen.

D'Engagementer am ordinäre Budget chiffréieren sech op ronn 1.1.- mio Euro. Hei kënnt d'Konventioun mat Rosa Lëtzebuerg iwwer 125.- dausend Euro zousätzlech dobäi.

Ee vun den efficacesten Instrumenter an eiser Integratioun- an Anti-Diskriminatiouns-Politik bleift de Sport. Réckbléckend op déi Gespréicher mat der Jury vun der Europäescher Sportstad un deenen ech deelgeholl hunn, sinn ech dovunner iwwerzeegt, dass et net d'Titele vun den Escher Veräiner an och net d'Invester an d'Sportinfrastrukture sinn, déi eis dësen Titel erméiglecht hunn, mee eis Iwwerzeegung an eis Gewëssheet, dass ee mat Sport d'Mënsche verbanne kann.

Den Invest an de Projet « Intégration par le sport » beleeft sech am ordinäre Budget 2025 op 313.- dausend Euro. Dëst sinn 100.- dausend Euro méi ewéi nach am Budget 2024 an 186.- dausend Euro méi ewéi nach an de Konten 2023. Eleng déi finanziell Moyenë fir d'Sportaktivitéiten u sech, si véiermol méi héich agesat ewéi nach 2023.

Am ordinäre Budget chiffréieren sech awer och 4,8.- mio Euro fir d'Fonctionnement an den Entretien vun de Sportinfrastrukturen an 3,93.- mio Euro fir de Fonctionnement an den Entretien vun der Schwämm. D'Personal ass hei mat agerechent.



D'Subside fir Sportaktivitéiten a Sportveräiner maachen am ordinäre Budget eng 333.- dausend Euro aus, wat par rapport zu 2023 eng Augmentatioun vun 130.- dausend Euro ausmécht. Zousätzlech heizou si fir d'Konventioun mat der LASEP 180.- dausend Euro ageschriwwen.

Den COHS 3 steet virum Ofschloss, woufir am extraordinäre Budget 2025

eng 19.- mio Euro ageschriwwe sinn. Et lafen awer och éischt Konformitéits-Aarbechten am COHS 1 an am COHS 2 un, déi am Budget 2025 350.- dausend Euro ausmaachen. En contrepartie sti fir d'Sportarena an de Sportmusée, un deenen hirer Entwécklung um Site Lankelz net weider geschafft wäert ginn, nëmmen nach Reschtkäschten vun 80.- dausend Euro am Budget.

D'Entwécklung vun der Renovatioun vum nationalen Tenniszenter wëlle mär virun dréiwen. Heifir sti 400.- dausend Euro am extraordinäre Budget.

Nei Projete sinn d'Amenagement vun enger neier Lafpist an engem neie syntheeteschen Terrain am Stade Emile Mayrisch fir zesummen 2,87.- mio Euro. Op der Grenz gëtt an d' "mise en conformité" an an de Formatiouns-Sall investéiert. Dës Aarbechte chiffréieren sech fir 2025 zesumme op 637.- dausend Euro.

## Esch, eng nohalteg Stad

D'Stad Esch hat an huet den Usproch am Minett, am Land, an an der Groussregioun, eng Virreider-Roll am Beräich vun der Nohaltegkeet an dem enk verbonnenen Domaine vun der Resilienz ze iwwerhuelen. Gutt opgestallten a kompetent Servicer, déi sech den Défi'en déi mam Klimachangement verbonne sinn bewosst sinn, probéiere Léisungsusätz an all d'Projete vun der Stad ze integréieren.

De Koalitiounsaccord ënnersträicht dësen Usproch, wann heiranner geschriwwe steet: Mär wëllen den ageschloene Wee a Richtung Klimaneutralitéit konsequent weidergoen an den Tempo vun der Transitioun beschleunegen.

Wichteg Acteure fir a vun der Stad Esch an der Energie-Transitioun stellen d'Sudenergie an d'Sudstroum duer. Déi fir 2024 proposéiert Kapitalerhéijung vun der Sudstroum ass à ce jour nach net gestëmmt, de Montant vun 1,98.- mio Euro ass awer weider am Budget ageschriwwen. Dës Kapitalerhéijung stellt awer och en Invest a weider Projeten, ënner Anerem an d'Solarenergie duer. Mat 7 am Joer 2024 réaliséierte Photovoltaik-Anlagen op Gemengegebaier gëtt den Objektiv vun den 1000 Kilowatt-Peak iwwerschnidden. Eleng 2024 koumen, respektiv kommen, 210 Kilowatt-Peak dobäi, wat ëmmerhin 2 Kilowatt-Peak méi sinn, ewéi déi Installatiounen déi tëscht 2009 an 2019 installéiert goufen hierginn. Fir 2025 solle viraussichtlech eleng op 5 grousse Projeten zesumme 580 Kilowatt-Peak erreecht ginn, also méi ewéi d'halschent vun der aktueller Leeschtung.

Gläichzäiteg gëllt et d'Empreinte vun an an der Stad Esch weiderhin ze drécken. Am extraordinäre Budget 2025 sinn 250.- dausend Euro fir d'energeetesch Optimiséierung vun eise Gebailechkeeten an zousätzlech 50.- dausend Euro fir de Monitoring vun eiser eegener Energie-Consommatioun ageschriwwen. Dës Artikele sinn en Zousaz zu de Montanten déi an den eenzelnen Projeten oder am ordinäre Budget heifir agesat sinn an iwwer déi d'Depensen vu 2024 an d'Konten ageschriwwe goufen.

Wat d'Beheizung betrëfft schaffen eis Servicer u verschiddene gréissere Projeten. Een deen eis direkt betrëfft ass en neit Chauffage-Konzept fir d'Gemengenhaus, woufir am extraordinäre Budget 394.- dausend Euro ageschriwwe sinn. Op engem méi bedeitende Projet gëtt am Moment fir d'Stroossen ronderëm de Centre Hospitalier Emile Mayrisch geschafft. Tatsächlech bezéien esouwuel d'Leier, ewéi d'Dunant-Strooss bis an en Deel vun der Churchill-Stroos

eran, hir Hëtzt aus dem Escher Spidol. En neit, modernt an nohaltegt Energie-Konzept muss sech hei op dëser Plaz gi ginn, woufir iwwer 1.- mio Euro am Budget ageschriwwe sinn.

Am Kader vun eisen Engagementer an der Ëmweltpolitik wéilt ech nach e puer Zuelen aus dem ordinäre Budget nennen: 125.- dausend Euro sinn ageschriwwe fir méiglech Energie- an Ekologie-Subside fir Privatpersounen; 125.- dausend Euro fir d'Lutte géint Pollutioun, woumadder d'Notzung vu reutilisable Objete gemengt ass; weider 1,3.- mio Euro fir Mesuren am Kader vun der Protectioun vun der Ëmwelt.

D'Engagement vun der Stad Esch kréie mär awer och honoréiert mat héije Prozentsätz am Klima- an am Naturpakt, wat mat enger Recette vu 555.- dausend Euro verbonnen ass.

Nieft dem ugestrieften Zil vun der Reduktioun vum Dreck, ass awer och eis Gestioun vum Offall un ze schwätzen. Mat de Personalkäschten abegraff, zielt d'Stad heifir Dépënse vu 11,47.- mio Euro. D'Haaptrecettë déi deem géintiwwer stinn, sinn d'Taxen déi 6,6.- mio Euro ausmaachen.

Am extraordinäre Budget sinn et d'Investissementer an d'Gefierer vun der Hygiène déi relevant Montanten ausmaachen: eleng fir 2025 sinn Acquisitioune vu 756.- dausend Euro ageschriwwen.



Den Ëmgang mat der Escher Natur an den Anzuch vu méi Gréngflächen an eis Stad sinn der Koalitioun wichteg. De Budget fir d'Installatioun vu Jardins éphémères gëtt nach eemol ugehuewen a kënnt elo eleng fir d'Materialien un eng hallef Millioun erun. Fir den

Ënnerhalt vun de bestoende Gréngflächen a vun de Beem, investéiert d'Stad an eng ugepassten Nacelle fir 330.- dausend Euro. Ouni d'Personalkäschte chiffréieren sech déi ordinär Ausgabe fir den Ënnerhalt vun eise Parken op iwwer eng Millioun.

D'Etudë fir Upassungen am Sënn vun der Nohaltegkeet beim PAG, dem PAP-Quartier existant, de PAP'en an de Schémas directeurs, chiffréieren sech fir 2025 op 550.- dausend Euro.

Natierlech bleift d'Mobilitéit e weidere Sujet deen ze thematiséieren ass. Eng Reduktioun vun Emissiounen duerch eng Verbesserung vun den Alternativen zum traditionellen Autosverkéier an eng Verbesserung vun der Sécherheet fir Jiddereen, deen op den Escher Stroossen ënnerwee ass, vum Foussgänger bis zum Buschauffer, si fir eis Prämissen vun enger un d'Erausfuerderungen ugepasster Mobilitéitspolitik.

Fir Verbesserunge bei de Foussgänger-Iwwergäng a ronderëm d'Busarrête schreiwen sech 450.- dausend Euro an d'Budgetpropose 2025 an. Dëst ass méi ewéi eng Verdueblung zum Virjoer a méi ewéi fënnef mol esouvill ewéi an de Konten 23 steet. Fir d'Erneierung an Upassunge vun de Busarrête selwer stinn 300.- dausend Euro am Budget.

An der Iwwerleeung, dass gutt amenagéiert Iwwergäng a Busarrêten och Elementer fir eng Verkéiersberouegung op der Strooss duerstellen, wéilt ech awer och op déi ageschriwwen 300.- dausend Euro hiweise fir d'Installatioun vu weidere verkéiersberouegenden Elementer.

D'Käschte fir déi vun der Stad Esch zousätzlech zum ëffentlech Transport ugebueden Bus-Offeren chiffréieren sech am ordinäre Deel op 1,07.- mio Euro. Deem sti Recette vun Ticket-Verkeef vu 17.- dausend Euro géintiwwer.




D'Escherinnen an Escher vum Vëlo ze iwwerzeegen an d'Utilisatioun vum Vëlo an eiser Stad weiderhin ze vereinfachen, bleift en Usproch un eis selwer. D'Planunge fir d'Vëlos-Weeër tëscht dem Dieswee an der Hiehl, esou ewéi an der Kanalstrooss, si viru gaangen. D'Ëmsetzungen si mat 591.- dausend Euro am

extraordinäre Budget ageschriwwen. Weider M-Boxen sollen opgestallt ginn, woufir 150.- dausend Euro am Budget ageschriwwe sinn.

A fir d'Regelen op der Strooss un déi jonk Generatiounen ze vermëttelen, lafen d'Aarbechte vum Vëlos-Gaart gutt wei der: 800.- dausend Euro Invest sinn am Joer 2025 heifir ageplangt.

Wien sech iwwer déi Escher Parkings-Präisser opreegt an dovunner iwwerzeegt ass, dass d'Stad e gudde Verdéngscht um Parkraum mécht, muss ech leider berichtegen. De Recettë vun 3,2.- mio Euro stinn Depensë vun 2,86.- mio Euro eleng am ordinäre Budget géintiwwer. D'Participatioun vun der Stad Esch un de Parking-Bedreiwer vun eisen zwee Parkhaiser am Zentrum wäert 2025 viraussichtlech eng 1,8.- mio Euro ausmaachen. Notamment am Parking ënnert der Brill-Plaz musse mär mat enger Hausse rechnen, well e Locataire vu ville Plaze mëttlerweil an eng aner Gemeng geplënnert ass.

Den extraordinäre Budget gesäit Investitioune vun 41,9.- mio Euro an d'Infrastrukturen op - an ënnert - de Stroosse vun der Stad Esch fir.

Amplaz ewéi an der Vergaangenheet Stroossen op ze zielen, wéilt ech déi finanziell Investissementer an d'Ofsécherung vum Waasser ewéi der Gestioun vum Ofwaasser ervir hiewen.



D'Aarbechten um neie Waasser-Reservoir um Gaalgebierg gi weider a maache fir 2025 en Invest vu 4,75.- mio Euro aus. D'Aarbechten um Collecteur principal si mat 500.- dausend Euro eng leschte Kéier am Budget ageschriwwe, woumadder e Projet vu 16,93.- mio Euro ofgeschloss gëtt. Investissementer déi sech och an d'Resilienz-Strategie vun der Stad Esch aschreiwen.

No verschiddene Reen-Deeg am Summer vun dësem Joer, ass d' Efficacitéit vun eisem Kanalsystem a Fro gestallt ginn. Et gouf eng Ëmfro gestart fir d'Situation vu staarkem Reefall kënne ze analyséiere a fir festzestellen wou Probleemer optauchen. D'Resultater an d'Reaktioun vun der Stad wäerte mär zum passende Moment hei am Gemengerot thematiséieren.




Och dës Demarche huet sech an d'Ausschaffe vun eiser Resilienz-Strategie ageschriwwen. Tatsächlech ass de Resilienz-Gedanke bei alle Servicer ukomm an et erkennt een d'Beméiungen. Et feelt awer nach eng zentral Plaz vun der Zesummeféierung an vun der Koordinatioun. De Poste vum Chief Resilience Officer ass am Budget 2025 ageschriwwen: e Posten deen ech ervir hiewe well, well e mat groussen Attenten an Aufgabe verbonnen ass.

Erlaabt mär awer och der Stad Esch hir Efforten am Beräich vun der Digitalisatioun mat an den Deel vun der Nohaltegkeet an ze bannen. De Schäfferot ass dovunner iwwerzeegt, dass digital Weeër och an Zukunft ëmmer erëm nei Méiglechkeete bidde.

Dëst zum Beispill andeems mär d'Méiglechkeete vun eisem Internet-Site erweideren. E vläicht kléngen, awer net onwichtege Schrëtt, war ënner anerem d'Mise en Place, dass d'Biergerinnen a Bierger de Suivi vu verschiddenen Internet-Formulaire kënne wouer huelen an driwwer informéiert bleiwen, wou eng Demande grad steet. Déi komplett Refonte ass och fir d'Joer 2025 am *extraordinäre* Budget mat 100.- dausend Euro ageschriwwen. 30.- dausend Euro sinn zousätzlech virgesi fir de Site méi accessibel ze gestallte fir Mënschen déi keng „Digital Natives" sinn oder spezifesch Besoinen hunn. Fir d'Refonte vun der App, déi fir méi ewéi just zu Informatiouns-Zwecker genotzt ka ginn, sinn et 30.- dausend Euro.

An Zäite vu Cyber-Attacke muss och eng Administratioun vun der Stad Esch an hir digital Sécherheet investéieren. E Kredit vun 110.- dausend Euro ass heifir ageschriwwen.

Des Weideren investéiert d'Stad eng 85.- dausend Euro an en informatesche Logiciel fir d'Protektioun vun Donnée'en ze verbesseren.

Woumadder ech ofschléissend och d'Bréck zum Sujet vun der Sécherheet wéilt schloen.

An dësem Moment waart d'Stad Esch nach op eng offiziell Confirmatioun vum Inneministère, dass d'Installatioun vu Sécherheets-Kamerae ronderëm d'Escher Gare

autoriséiert gëtt. Fir dass no enger Autorisatioun keng weider Zäit verluer gëtt sinn esouwuel am rektifizéierte Budget 2024 eng 115.- dausend Euro an am initiale Budget 2025 eng 750.- dausend Euro ageschriwwen.

D'Ausgabe fir nei Beliichtung a Verbesserungs-Aarbechten un der bestoender Beliichtung maachen am extraordinären Deel vum Budget 1,43.- mio Euro aus an am ordinären Deel eng 535.- dausend Euro. Eleng den ordinäre Montant huet sech entretemps par rapport zu de Konten 2023 verduebelt an den extraordinäre Montant sech verzéngfacht.

2025 soll och nach eng Kéier an d'Installatioun vu weidere Defibrillatoren investéiert ginn, déi e Käschtepunkt vun 145.- dausend Euro am extraordinäre Budget ausmaachen.

Ervirhiewe wéilt ech och, dass eis intern Cellule de Sécurité fir 2025 weider Moyenë zougestane kritt. Ënner anerem 80.- dausend Euro fir Expertise, wat eng Hausse vu 55.- dausend Euro zum virechte Budget duerstellt; oder 180.- dausend Euro fir Formatiounen am Beräich vun der Sécherheet ze organiséieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Erlaabt mär ofschléissend am Numm vum ganze Gemengerot alle Mataarbechterinnen a Mataarbechter déi bei der Ëmsetzung vum rektifizéierte Budget 2024 bedeelegt waren, an/oder bei de Präparatioune fir d'Opstelle vun der Budgetpropose 2025 matgewierkt hunn, heifir Merci ze soen.

Fir dëse Prozess huet de Schäfferot zwar vun de Responsabelen aus de Servicer déi eng oder aner Etapp méi verlaangt ewéi an de Virjoren. Duerch e besseren Informatiounsfloss konnten awer och d'Decisioune méi efficace geholl ginn. Den Här Knaff, den Här Zwally, den Här Sehovic, den Här Cavaleiro an ech selwer, wëssen dëse Bäitrag ze schätzen.

Stellvertriedend fir all Mataarbechter am Departement vun de Finanzen, wéilt ech dann den Häre Fleming a Goorix Merci soen. Et sinn si Zwee, déi déi vun de Servicer proposéiert Zuelen iwwerpréiwen a wann néideg upassen. Et sinn si Zwee, déi d'Zuele vum Budget rectifié a vum Budget initial zesummen droen an drop oppassen, dass de Budget opgeet.

D'selwecht ewéi am Virjoer, war et dem Schäfferot en Uleies d'Budgetpropose net nëmmen dem Gemengerot an der Press, mee allen Interesséierten einfach an onproblematesch zougänglech ze maachen. Heifir ginn an dëse Minutten déi passend Dokumenter op den Internetsite vun der Stad Esch erop gelueden.

Zäitgläich heizou kréien d'Membere vum Gemengerot d'Devisen déi mam Budget zur Ofstëmmung stinn an de E-Conseil erop gelueden.

All Fraktioun kritt eng Print-Versioun vun den Dokumenter zu Verfügung gestallt. All Conseillère oder Conseiller, déi oder deen zousätzlech eng Print-Versioun wéilt, kann dës nach bis de Mëtteg 12h00 iwwer E-Mail beim Generalsekretariat bestellen. Dës zousätzlech Print-Versioun gëtt dann an de nächsten 48 Stonnen zougestallt.

Léif Kolleeginnen a Kolleege vum Escher Gemengerot,

Am Numm um Schäfferot, hunn ech iech elo d'Budgetpropose „gewisen".

Déi nächst zwou Woche wäerte markéiert si vun den Analysen an der Diskussioun iwwer de proposéierte Budget rectifié 2024 an de proposéierten initiale Budget 2025.

Dass all Eenzelne vun eis deen hei sëtzt, de Choix getraff huet sech hei zu Esch politesch ze engagéieren an sech esouguer fir e Mandat ze präsentéieren, ënnersträicht, dass all Eenzelnen vun eis dës Stad an d'Mënschen an dëser Stad wichteg sinn.

Dofir freeën ech mech op konstruktiv, lieweg, kontrovers, inhaltlech relevant a fair Diskussiounen iwwer déi proposéiert Budgeten.

Diskussiounen iwwer wat Eis fir d'Zesummeliewen an der Stad Esch wichteg ass.

Diskussiounen iwwer wat Eis fir d'Escherinnen an d'Escher wichteg ass.

Diskussioune iwwer wat Eis fir d'Stad Esch wichteg ass.